



Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 1. Juni 2023

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Arméiminister an un den Här Wirtschaftsminister weiderzeleeden.

De 4. Abrëll huet déi amerikanesch Satellittentransportfirma "*Virgin Orbit*", Faillite ugemellt. De 17. Oktober 2022 hat Lëtzebuerg eng Kooperatioun am Beräich vun der Verdedegung mat der Firma ënnerschriwwen.

An deem Zesammenhang géif ech dem Här Arméiminister an dem Här Wirtschaftsminister gär dës Froe stellen:

- 1) Kann d'Regierung, ënnert dem Respekt vum kommerziellen a sécherheitsrelevanten Dateschutz matdeelen, ewéi eng Konsequenzen déi Faillite op déi Lëtzebuerger Verdedegungspolitik kann hunn? Wéi eng Zerwisser huet Lëtzebuerg bei der Firma akaf an ewéi vill Suen si bis ewell an deem Kader iwwert wéi eng Administratioun gefloss? Sinn déi entspreichend Leeschtunge scho bereetgestallt ginn, respektiv ka Lëtzebuerg indemniséiert ginn an änlech Leeschtunge bei engem anere Fournisseur kréien?
- 2) Kann d'Regierung elaboréieren, op deem zitéierte Vertragsausfall weider Repercussiounen op déi allgemeng öffentlech a privat Lëtzebuerger Raumfaartaktivitéite mat sech bréngt, besonnesch am Kader vum "Space Cluster", a falls jo, wéi eng?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten